N°5273
Reçue le 22.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 22.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Zeitung "*Welt am Sonntag*" huet Zuele vun däitsche Privatversécherunge publizéiert, laut deenen d'Behandlung vu Patiente mat schwéiere Covid-Krankheetsverleef an der Moyenne 38'500 € kaschten. 10% vun den ze beootmende Patiente géinge souguer iwwert 85'000€ kaschten. Eng stationär Behandlung an enger Klinik an Däitschland géing laut Bericht 10'700€ kaschten. D'Zuelen, wéi vill d'Patienten d'Versécherunge bei Long Covid-Symptomer kaschten, ginn net genannt.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren chiffréieren, wéi vill eng komplett Impfung vun engem Bierger/enger Biergerin an der Moyenne kascht, op Basis vu folgende Käschtefaktoren
   1. Invitatioun,
   2. Werbekampagnen,
   3. Vaccin,
   4. Honoraire vun den Dokteren,
   5. Salaire vun de Persounen am Impfzentrum,
   6. Loyeren, Energiekäschten, etc.
2. Kënnen d'Ministeren aschätzen, wéi vill eng stationär Behandlung vun engem Bierger/enger Biergerin wéinst enger Covid-19 Infektioun an enger Klinik kascht?
3. Kënnen d'Ministeren aschätzen, wéi vill an der Moyenne d'Behandlung vun engem Bierger kascht, dee wéinst enger Covid-19 Infektioun fir d'éischt stationär an dann intensiv an enger Klinik zu Lëtzebuerg behandelt muss ginn?
4. Kënnen d'Ministeren aschätzen, wéi vill an der Moyenne d'Behandlung vun engem Bierger kascht, dee wéinst enger Covid-19 Infektioun op der Intensivstatioun beotemt muss ginn?
5. Kënnen d'Ministeren chiffréieren, wéi vill an der Moyenne d'Behandlung vun engem Bierger bis elo kascht huet, dee wéinst de Niewewierkunge vu Covid-19 behandelt

gëtt?

6. Hunn d'Ministeren Zuelen zu de Käschte fir de Gesondheetssystem vu Patienten, déi ënnert Long-Covid leiden?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| --- | --- |
| Député | Député |